

Soucière Guiden

A6-45

Beitrag

Grill
Käse
Eier
100g

Preis

Finanz

Mme Hokuspokus
Brennwein

Lotti / Sidonie
Nathalie
Eier

= Süß
A. Tische

WICHEL-THEATER
20. AN 21. JANUAR 96



ENG ZAUBER- VIRSTELLUNG

ROLLEN:

Mme Hokuspokus.....*Andy*.....Méschtesch vun engem Automatenatelier
 Sidonie.....*Alvina*.....hirt Dengschtmédchen
 Sonja.....*Nicole*.....dem Sidonie seng Schwester
 Nathalie.....*Stella*.....eng Botzfrâ
 Lotti.....*Dora*.....dem Sonja an dem Sidonie hir Schwester

Automaten:

1. Wahrsagerin.....*Stella*.....setzt hannert engem Desch voller Kaarten
2. Polizist.....*Stella*.....stét do, mat Handschellen an der Hand
3. Botzfrâ.....*Stella*.....e Schrubber an en Emer an der Hand
4. Kächen.....*Stella*.....sätzt do mat der Kaffismillen um Schouss
5. Zigeinerin.....*Stella*.....stét do, en Tambourin an der Hand
6. Wäschfrâ.....*Stella*.....mat enger Wäschbieten
7. Musiker.....*Stella*.....mat engem Musikinstrument an der Hand



geprüft vum LGS Sandweiler

ENG ZAUBER- VIRSTELLUNG

vum Alinda Jacoby arrangéiert vum H.W.

Persounen: Mme Hokuspokus.....Méschtesch vum engem Automatenatelier
Sidonie.....hirt Dengschtmédchen
Sonja.....dem Sidonie deng Schwester
Nathalie.....eng Botzfrâ

Automaten: 1. Wahrsagerin.....sötzt hannert engem Dösch
voller Kärten
2. Polizist.....stét do mat Handschellen an
der Hand
3. Wäschfrâ.....iwær eng Wäschbiden gebockt
4. Botzfrâ.....e Schrubber an en Emer an
der Hand
5. Kächen.....sötzt do mat der Kaffismilch
um Schouss
6. Zigeinerin.....stét do en Tambourin an der
Hand

Déi sechs Automaten gin durch lieweg Persounen duergestallt.

1. S z é n

Automatenatelier. D'Automaten stin oder sötzen an enger Rei ouhi sech ze mucksen. Töschent hinnen an der Reckwand muss nach freie Raum bleiwen. D'Mme Hokuspokus sötzt un engem Dösch a bitzt un enger Handarbecht.

Hokuspokus: Nach ömmer keng Nouvelle vu mengem Mann. Soll en op senger Geschäftestrés opgehole gi sin. Jiddefalls muss den Atelier fir de publique zoubleiwen, bis hien nés do ass. Mat dém Gescheck hun d'Automaten an och ech alt nach e bösselche méi lang Rou. Ech wéisst awer mol gär, wéini mei Mann nés hém könnt, fir dat ech mech mat der Botz richte kann. - Vleicht könnt him ennerwé nés eng nei famous Idi. Hautzudags mat der Elektrizitéit gi richtig Wonner produzéiert. Doudeg Poppen gin lieweg, t'ass muenchmol bäl net ze gléwen, wann é geseit, wéi hei déi Wuesfiguren sech bewegen, wéi wann se vu Flésch a Bludd wieren.

2. S z é n

Sidonie: (stirmt eran, et hält eng Postkart an d'Lucht)
Eng Kart vun ärem Mann, Madame

Hokuspokus: Weis hier!

Sidonie: (hält d'Kart an der Hand a fänkt un ze buchstawéieren) Léiw
Ca---ca---ro---line! (opbruecht) Den Här schreiw ower och esou
schlecht. Et kann én sei Gekritzels bäl net liesen!

Hokuspokus: Dat ass och guer net noutwendeg (höllt em d'Kart aus der Hand)
Et liest é keng Kart, déi net un én adresséiert ass.

Sidonie: Jo, mais ech wösst dach gier wéini den Här erömkönt wéins dem Gebotz.

Hokuspokus: (liest hart) Kommen erescht muer um 8,30. E Geschäftsfrönd huet
mech opgehäl. Äddi also bis muer.
Gutt, mir hun also lo nach Zeits genug, den Atelier am Fong ze botzen. Hues du eng Bôtzfrâ bestallt?

Sidonie: Jo Madame. D'Nathalie wärd gleich do sin.

Hokuspokus: Ass et och eng ordentlech Frâ, op déi én sech verlosse kann?

Sidonie: Gewöss! D'Nathalie schrubbt wéi der Deiwel, do kann én er wirklech
neischt nosoen, nömmen.....

Hokuspokus: Wât nömmen.....dajé, schwätzt virun.

Sidonie: Si kann neischt gesin dorömmen stoen

Hokuspokus: Wât héscht dât?

Sidonie: Abé, si kann net gudd friem Sâche gesin, si muss alles gleich an
d'Täsch stiechen.

Hokuspokus: O meû, dat ass mer jo dann nawell eng schéi Gewunnecht. Wéi konns
de dann sou eng Persoun ustellen?

Sidonie: Wösst der, Madame, hautzudags dierf é net kriddleg sin. Et wöllt
ké méi schaffen. D'Nathalie könnt och nömmen aus Gefâlen, well se
bei menger Mamm op démselwechte Stack wunnt.

Hokuspokus: Wan se ower alles an d'Täsch stecht?

Sidonie: T'muss én er eben op d'Fangere kucken, da könnt se net derzou. A
wât könnt se och schliesslech hei astiechen? Déi Poppen do si vill
ze grouss an ze schwéier fir fortzeschléfen.

Hokuspokus: (lacht) O jo, an da géifen déi am Enn nach lieweg gin.

Knäppchen dreckt, da gin d'Popen lieweg, et dreckt én op en zwéten, da gin se nés steif

- Sidonie : *(reisst Aen an Mond op vun Staunen)* O je, elo färten ech.
- Hokuspokus: E bessen Angscht kann guer näischt schueden, da bleiws de mer och vun de Knäppecher ewech.
- Sidonie : Keng zeng Paerd kréie mech drunn. Ech well näischt mat Eloktruzitéit ze dinn hun.
- Hokuspokus: Gutt, du kanns d'Botzfra och e bessen färten doen, a wann si un d'Zauberei gléwt, da so hier, si soll hier Arbecht nemmen gutt man, soss kennt et hier passéieren, dat si och op emol an eng Popp verwandelt géif a steif misst un der Mauer stoen *(si lacht a weist op d'Figuren. D'Sidonie gét emmer méi zesummen vunn Angscht)* Lo gin ech nach Kommissiounen machen. Macht an der Zäit är Arbecht gutt.

echt kenne
→ ne

3.Szén

- Sidonie : *(kuckt ganz färtereg)* Ech woust jo schons emmer dat héi eppes komesch wier. Wann ech d'Suen net esou néideg hätt, hätt ech mech schon lang aus dem Steps gemach. *(Kuckt sech d'Figuren mei genee un)* Ech lossen léiwer meng Fanger dervun, well mat der Eloktruzitéit ass net ze spassen. *(Leet hiert Schirtesch op den Desch, gesäit d'Botzfra)* Hé, Madame Nathalie alt nemmen eran an d'gutt Stuff, oder méi richtig an den Zauberatelier.

SCHIRTESCH →

NATHALIE ←
Kennt vum Ried

4.Szén

- Nathalie : *(stellt sech dohin a stéipt d'Ärm an d'Seit)* Bonjour, do wäere mer. Lo kann et lassgoen mat der grousser Botz. As et déi Bud hei, déi gebotzt soll ginn?
- Sidonie : Jo, Madame Nathalie
- Nathalie : De Buedem hei gett mam Botzen net verwinnt, dén huet och Éiwegkeeten keen Wasser méi gesin.
- Sidonie : Jo, d'as schon lang hier. Den Här kann dat Wassergemech am Zauberatelier guer net leiden *(hat pespert geheimnisvoll)* E fährt secher, déi Leit do un der Mauer géifen sech erkaalen.
- Nathalie : *(lacht hårt)* Déi Wuespoppen do! Lo héiert ower alles op.
- Sidonie : *(wichtig)* Si schengen gemach, a Wierklechkét sin et verzaubert Menschen.
- Nathalie : *(weist mam Fanger op d'Stir)* Ech mengen bei dir rabbelt et, et ass wuel eng Schrauw lass.
- Sidonie : Hoffentlech erliedt dir net nach selwer un iech hir Zauberei sou dat dir och an d'Rei vun de Popen stoen kommt, kâl a steif.
- Nathalie : Dât wier mol nach net esou iwel.
- Sidonie : Dir sollt ower emol gesin wann se lieweg gin, wéi se mat Ärem an Bén zabbelen, wann d'Eloktruzitéit an si fiert.
- Nathalie : Dât géif ech emol gâr gesin. Mä fir op eng aner Ried ze kommen: hues de d'Botzgeschie zesome gesicht?
- Sidonie : Jo, hei ass alles wat dir braucht. *(geet an der Mauer rüber)*
- Nathalie : *(eleng, dréit sech am Zemmer ronderem, zéit den Tirang vum Desch)*

1. Szén

(Automatenatelier. D'Automaten stin oder setzen an enger Rei ouni sech ze mucksen. Teschent hinnen an der Reckwand muss nach freie Raum bleiwen. D'Mme Hokuspokus setzt un engem Desch a bitzt un enger Handaarbecht)

Hokuspokus: Nach emmer keng Nouvelle vu mengem Mann. Soll en op senger Geschäftsrees opgehale gi sin? Vleicht kennt him ennerwé nés eng nei famous Idi. Ewei des Poppen zum Beispill, dei gin lieweg wann een op en Knäppchen dreckt.

2. Szén

Sidonie : (stiirmt eran, et hält eng Postkaart an der Hand)
Eng Kaart vun ärem Mann, Madame

Hokuspokus: Weis hier !

Sidonie : (hält d'Kaart an der Hand a fänkt un ze buchstaweieren) Leiwt Ca..... Ca.....ro.....line! (opbruecht) Den Här schreiwt ower och esou schlecht. Et kann een sain Gekritzels bâl net liesen!

Hokuspokus: Dat ass och guer net noutwendeg (hell em d'Kaart aus der Hand)
Et liest een keng Kaart dei net un een adresseiert ass. (liest hart)
Kommen ereischt muer um halwer 9 erem. E Geschäftsfrend huet mech opgehâl. Äddi also bis muer.
Gut, mir hun also lo nach genug Zäit, den Atelier am Fong ze botzen.
Hues du eng Botzfrâ bestallt?

Sidonie : Jo Madame. D'Nathalie wârd glâich do sin

Hokuspokus: Ass et och eng ordentlech Fra op déi én sech verioosen kann?

Sidonie : Gewess! D'Nathalie schrubbt ewéi der Deiwel, do kann én em wirkleech näischt nosoen, nemmen.....si kann näischt gesin doremmer stoen.

Hokuspokus: Wât heescht dât?

Sidonie : Abé, si kann net gutt friem Sâchen gesin, si muss alles gleich an d'Täsch stiechen.

Hokuspokus: O, mei, wéi konns de dann esou eng Persoun ustellen?

Sidonie : Wesst der, Madame hautzudags dierf én net kriddeleg sin.

Hokuspokus: Wann se ower alles an d'Täsch stecht?

Sidonie : Et muss én er eben op d'Fangeren kucken. A wât kennt se och schliesslech hei astiechen? Déi Poppen do sin vill ze grouss an ze schwéier fir fort ze schléfen.

Hokuspokus: (lacht) Ojo, an da géifen déi am Enn nach lieweg gin.

Sidonie : (erféiert) Wéi? Sôt mer iwwehâpt emol, wéi dat ass, dat déi Poppen oft stonnelang steif a roueg stoe bleiwen an dann ob émol, wann d'Leit kommen, fänken se un ze zabbelen, an d'An ze verdréien an de Mond opzereissen, dat et engem ganz onhemeleg get. Ech hu mer schons oft de Kapp zerbrach, mais ech hun net fonnt ewéi dat gét.

Hokuspokus: Dat ass eben d'Wonner vun der Elektrizitéit dat an hinnen schafft.

Sidonie : Elokruzitéit? A wat ass dat dann? Ass dat e Géscht dén an déi Poppen fiert?

Hokuspokus: (lacht) Né, Sidonie, dat ass eng mächtig Naturkraft. Wann én op e

- Sidonie: (erfóiert) Wéi? Schrecklech! Sôt mer iwerhâpt emol, wéi dat ass, dat déi Poppen oft stonnelang steif a roueg stoe bleiwen an dann ob émol, wann d'Leit kommen, fänken se un ze zabbelen, d'An ze verdréien an de Mond ópzereissen, dat et engem ganz onhemeleg get. Ech hu mer echons oft de Kapp doriwer zerbrach, mais ech hun net fonnt, wéi dat gét.
- Hokuspokus: Dat ass eben d'Wonner vun der Elektrizitéit dat an hinne schafft.
- Sidonie: Eloktrizitéit? A wat ass dat dann? Ass dat e Géscht, dén an déi Poppe fiert?
- Hokuspokus: (lacht) Né, Sidonie, dat ass eng mächtig Naturkraft, déi ech dir net erkläre kann. Wann én op e Kneppchen dreckt, da gin d'Poppe lieweg, et dreckt én op en zwéiten, da gin se nés stéf.
- Sidonie: (reisst Aen a Mond op vu Staunen) O jé, lo färten ech.
- Hokuspokus: E bösschen Angscht kann guer neischt schueden, da bleiws de mer och vun de Kneppercher ewech.
- Sidonie: Keng zeng Pârd kréie mech drun. Ech well neischt mat der Eloktruzitéit ze din hun.
- Hokuspokus: Gudd, du kanns d'Botzfrâ och e bösschen färten din, a wann 'si un d'Zauberei gléwt, da so hir, si soll hir Arbecht nemmen gudd man, soss könnt et hir passéieren, dat si och op émol an eng Popp verwandelt géif a steif misst un der Mauer stoen, wéi déi Wâschfra do oder dat Mönch do mam Schrubber (si lacht a weist op di betreffend Figuren. D'Sidonie gét ömmer méi zesummen vun Angscht) Lo gin ech nach Kommissiounen machen. Macht an der Zeit er Arbecht gudd.(of)

3. S z é n

- Sidonie: (kuckt hir entgeistert no, dann mecht et e puer Schreck no vir) Ass esou eppes nach mönchemeglech. Ech wollt de Leiden et nie gléwen, mais elo hun ech vun onser Madame selwer gehéiert, dat sie zaubere kann. Huuh, dat et an onser Zeit nach esou schlecht Leit ka gin. (d'Hält d'Schirteg virun d'Aen) Ech könnt mech verauen, wann ech bedenken, dat déi arem Leit hei aus Boussecht aWuespoppen verzaubert gin sin. Wéi sot se nach méi? D'brauch én nemmen op e Kneppchen ze drecken, da gin se lieweg. Jo, wann si d'Schell dreckt, da muss ech och sprangen wéi en Hampelmann, mais ech brauch dach ower nach net steif a mat gliesernen Aen do un der Mauer ze stoen, wéi déi do. Vleicht wellt se aus mir och nach esou eng Figur machen, nén dat halen ech net aus. Léiwer lâfen ech gleich fort. (denkt e wéineg no) Awer nén, dat gét net, ech hun jo nach keng Suen vun desem Mount kritt an ech brauch se sou néideg. Ech kucken nach eng Kéier no, wann si hiren Hokuspokus mecht, a wann ech spieren dat et brenzeleg göt, da man ech mech aus dem Stöps. (et gét schei lânscht d'Poppen a bekuckt se gené) Né, wat huet déi allerhand Leit verzaubert, souguer eng Police. Dé wollt sie secher wéint hirer Hexerei verhaften. Den arme Kérel. Wou soll nómme dém sei Knapp sin, fir e lieweg ze machen? Knepp huet e jo genuch, d'ass awer nemmen én dé richtegen. (gét e Schreck zreck) Ech hun besser meng Fangeren dervun ze lossen, well mat der Eloktruzitéit ass net ze spassen. - Lo muss ech awer gleich d'Botzgeschirr zesummerâfen, dat d'Botzfra gleich ufänke kann, wann se könnt. Dat ass nämlech keng blidd, an d'huet é besser an eng Möschtekaul ze bunzelen, wéi an der hire freche Mond. (et höllt 2 Emeren, Stöpsdicher an e Schrubber aus engem Niewenzömmen. E gefalt Schirteg lét et op den Dösch) Sou, lo hätte mir alles beienén. D'Schirteg doen ech herno un, well ech muss jo bei der Botzerei hülfe, soss iergert d'Botzfra sech. Ech mache mech ower net midd, well si kritt jo elang de Botzloun. Wou soll se nömme bleiwen?

Si sollt scho lang hei sin. Lauschter, do tuppt én am Gank, dat wärt se sin. (et rifft zur Dir eraus) H é, Madame Nathalie, alt nöm-
men eran an d'gudd Stuff, oder méi richtig an den Zauberbutek.

4. S z é n

- N athalie: (stellt sech dohin a steipt d'Ärm an d'Seit) Bonjour, do wäre mer. Lo kann et lassgoen mat der grousser Botz. Ass et déi Bud hei, déi gebotzt soll gin?
- Sidonie: Jo, Madame Nathalie
- Nathalie: Dé Buedem hei gött och mam Botzen net verwint, dén huet och unzekomme ké Wasser méi gesin.
- Sidonie: Jo, d'ass scho lang hier. Den Här kann dat Wassergemech am Zauberatelier guer net leiden (et pöspert geheimnisvoll) E fährt secher, déi Leit do un der Mauer géifen sech erkâlen.
- Nathalie: (lacht hårt) Déi Wuespoppen do! Lo héiert ower alles op.
- Sidonie: (wichtig) Si schengen gemacht, a Wierklechkét sin et verzaubert Mön-
schen.
- N athalie: (weist mam Fanger op d'Stir) Ech mengen bei dir rabbelt et, et wss
wuel eng Schrauw lass.
- Sidonie: Hoffentlech erliewt dir net nach selwer un iech hir Zauberei sou dat
dir och an d'Rei do bei déi aner Poppen stoen kommt, kâl a steif.
- Nathalie: Dat wier mol nach net esou iwel.
- Sidonie: Dir sollt ower mol gesin, wann se lieweg gin, wéi se mat Armen a Bén
zappelen, wan d'Eloktruzitéit an si fiert.
- Nathalie: Dat géif ech emol gär gesin. Mâ fir op eng aner Ried ze kommen: hues
de d'Botzgeschirr zesumme gesicht?
- Sidonie: Jo, hei ass alles wat Dir braucht.
- Nathalie: (önnersicht d'Stöpsdicher an de Schrubber) Ech mengen du hues eppes
vergiess?
- Sidonie: A wât dann?
- Nathalie: Wan eng Maschin schaffe soll, da muss se och geschmiert gin.
- Sidonie: (verwonnert) Wat fir eng Maschin?
- Nathalie: Ech? an den Ueleg, dat ass eppes fir d'Schleck erof. Hues de ké gudde
Kaffi gekacht? Awer komm mer net mat Spitzbohnen.
- Sidonie: De Kaffi stét an der Kichen, ech hu geduecht, et géif én dén drenken,
wan d'Arbecht gemacht wâr.
- Nathalie: Bei miß gött dat virdrun, an der Mött, an duerno gemacht. Wém dat net
passt, bei dém fänken ech scho guer net un. Dann ass et äddi, a
neischt fir ongutt.
- Sidonie: Berouegt iech, ech gin iech de Kaffi jo gleich sichen.
- N athalie: Dajé, an e bösselchen dalli, awer breng ké Gebés fir op d'Schmier,
ech iesse nömme Botter.
- Sidonie: Ech kucke, wat ech fannen.
- Nathalie: (eleng ,dréit sech am Zömmer rondöm, zéit den Tirang vum Dösch op a
kuckt dran, röselt iergerlech de Kapp)
Sou eng Armetei! Neischt dran, ower och guer neischt wat é gripse
könt. wat e schappegt Geschäft!(si höllt d'Schirteg vum Dösch a kuckt
et gené) E Kicheschirteg!T'ass wirklech net vill rars, ech kann et
ower nawell gebrauchen.(si steckt et séier an eng Täsche önnert hirem

Schirteg) Lo huerteg op déi aner Seit, dat et neischt anuecht höllt. (si stellt sech virun d'Poppen a bekuckt se interesséiert)
Dat sin also déi verzaubert Mönchen, wéi d'Sidonie et sech an sengem domme Kapp auslét. Dat Sidonie ass esou domm, dat én Heiser mat òm òmreisse könnt. Do ass d'Sonja, seng kleng Schwester, dach eppes ganz anescht. Dat ass e Filou, bei dém én sech anuecht huele muss, mä déi Gäns vu Sidonie verkäfen ech drei mol. A vrun iech, dir Wuessepopen hun ech keng Angscht, reisst är gliesen Aen nömme grouss a weit op, dir gesidd jo dach neischt.


5. S z é n


- Sidonie: (brengt op engem Plateau Kaffi, 2 Tâsen, Brout a Botter a stellt alles op den Dösch) Sou, Madame Nathalie, da losst Iech et gudd schmächen. (Et schött de Kaffi eraus, dann sicht et um Dösch an um Buedem no eppes)
- Nathalie: (iwerd Knaen an Drenken) Sichs de eppes?
- Sidonie: Hei um Dösch loug dach e Schirtech:
- Nathalie: (mecht sech egg Botterschmir) Ech hu neischt gesin (beisst an d'Schmir) De Botter ass gudd.
- Sidonie: (opgeregt) Ech wéss ganz bestömmt, dat et hei op döser Platz loug.
- Nathalie: Du wärs et an Ongedanken mat an d'Kiche geholl hun.
- Sidonie: Mén, et muss hei sin, et kann dach net fortgeflu sin.
- Nathalie: Vleicht huet d'Eloktrizitéit et mat ewech geholl.
- Sidonie: Wät? (reisst de Mond op) Brengt déi esou eppes ferdeg. Ech sot jo ömmer, hei am Haus, mat der verflixten Zauberei, dät krit ké gudd Enn! (sicht nach virun)
- Nathalie: (esst an drenkt roueg virun) Da loss dach emol endlech dat langweilegt Sichen. Wéi kann én sech nömme vir esou e miserabelt Schirtech opregen.
- Sidonie: (pickeg) Et gött Leit, dénen dat Schirtech vleicht nach méi wert wor, wéi mir.
- Nathalie: Ech hu Schirtecher genug, ech géif mech net esou stellen, wann ech ént verléiere géif. Loss dir dach vun denger Madame ént schenken, déi kann dahn bestömmt aus enger äler Patz e Schirtech zauberen.
- Sidonie: (schött sech Kaffi eraus an drenkt) Ech kann net soen, wéi esou eppes mech opregt.)
(Virun der Dir héiert é sangen)
Mir hâlen op der Gâss
mir man de Leit vill Spass
d'Klarinett ass ömmer prett
d'lacht alles sech eng Boss
mais dass dach ké verdross.
Dät ass d'Sonja, ech kennen et un der Stömm

6. S z é n

Sonja, Nathalie, Sidonie

- Sonja: (huet e Kierfchen mat ageweckälte Wueren am Arm, streckt de Kapp zur Dir eran a lâcht) Därf ech an dät verruffent Zaubernascht erakommen?
- Sidonie: Jo, komm nömme, d'Madame ass eraus.
- Sonja: Wät ass dat hei flott. Ech kucke mer mol zevill gär alles un
- Nathalie: Mir sin hei um Botzen



- enges Dach verzaubert ze ginn.
- Sonja : Jé, jé, jé, dât ass jo Mumpitz. Du bass jo keng wuese Popp. Ech géif awer emol zevill gären gesin, wann se lieweg gin. Wien zaubert dann hei, den Här oder d'Madame?
- Sidonie : Den Här, ower si kann et och, well si huet mir nach haut erklärt, dat én nemmen op Knäpp ze drecken brauch fir se lieweg ze kréien
- Sonja : *(denkt no)* ...op Knäpp drecken... *(sprengt op)* Dât géif ech emol gäre probéieren.
- Sidonie : *(dreckt et ängschtlech op de Stull nidder)* Probéier nemmen net. Mat der Elokrutzitéit ass net ze spassen.
- Nathalie : *(stét op)* Lo fänken ech un ze bozten. *(Fänkt un mam Schrubber a mat der Fatz ze operéieren. D'Sonja an d'Sidonie bleiwe beim Desch stoen)* *Klaue Saucisse* 
- Sidonie : Wars de fir d'Mamm akâfen?
- Lotti : Hei kuck emol *(et hellt säin Kierfchen a sicht)* A wat heescht dann dat do? Wou ass dann de Wupp Saucisse? E loug dach uewen drop. Do héiert ower alles op. En ass einfach fort.
- Sidonie : Wéi mei Kicheschirtech, dat ass och ewéi weggeblosen.
- Lotti : Ech wöll dir emol eppes soen *(schwätzt lues mam Sidonie. D'Nathalie schrubbt virun. Virun der Karteschléiesch bleiwt se stoen, steipt sech op hiren Schrubber an kuckt virwetzeg)*
- Nathalie : *(fir sech)* Nu kuck mol do, eng Karteschléiesch. So mol, du âl Hex, kanns du de Mond net opdin? Wat fir Kaarten huet déi do leien? *(si betascht se, während d'Sonja d'Sidonie stéisst an him lues eppes an d'Ouer seet)* Op déi sech wuel huelen lossen? Kârtin sin gutt bezuelt. *(si zit drun)* Donnerlieweg, déi sin festgenélt, vleicht, wann ech do um Knapp dréinen, léist se lass. *(Si dreckt op de Knapp, dén op de Kârte befestegt ass. Direkt fänkt d'Karteschléiesch un de Kapp an d'Hänn ze bewegen. Si fiert mam Fanger vun der rechter Hand der Rei no iwer d'Kârtin an bewegt d'Lepsen, wéi wann se eppes soe wellt. D'Nathalie fiert erschreckt e Schrett zereck)* Wéi schrecklech, lo gett dat Framensch och nach lieweg! *(D'Sonja an d'Sidonie sprangen erbäi. D'Sidonie an heller Angscht, d'Sonja lacht ameséiert)*
- Sidone : Mä Madame Nathalie, wat hut dir gemacht?
- Nathalie : *(barsch)* Wat soll ech gemacht hun, neischt. Kann ech dofir, wann déi Hex op émol aus hirem Kramp wakreg get.
- Sonja : Dir wollt secher d'Kârtin aus hiren Hänn huelen, gesitt et roueg an. Aus Versin sit dir dun un de Knapp geroden
- Nathalie : Kemmer dech léiwer em deng Sachen.
- Sidonie : D'Madame geréit ausser sech, wann si kennt an si fennt d'Karteschléiesch an Aktioun.
- Nathalie : *(béis)* Déi ganz Zauberei gét mech näischt un, an domat basta. Ech botzen hei an de Rescht gét mech näischt un! *(hellt de Botzémer a gét zur Diir eraus)*
- Sidonie : Hei, an wou hin, Madame Nathalie?
- Nathalie : An d'Kichen frescht Wasser sichen *(of)*
(D'Karteschléiesch schafft an engem drun marionettenhaft weider)

7.Szén

- Lotti : Dat ass mir eng, an elo léisst du si och nach eleng an d'Kichen goen, dat se do och nach schuppen kann. Meng Saucisse huet se ganz bestëmmt, an däi Schirteg och
- Sidonie : Mengs de? Ech hun och schon dru geduecht.
- Sonja : Mä wart du Déif, du gess déi Sachen schon eraus. Ech hun eng Iddi. Ech verstoppen mech hannert der Kârteschléiesch an du frés se, wou déi verluere Sachen hikomm sin. Da brengs de d'Police a Bewegung , do wärs schon dé richtege Knapp fannen: dat gett Jux, ech lache mech hallef dout wann déi onéierlech Persoun mol hiren Här fennt. Lo awer huerteg éier se nés do ass *(verstoppt sech hannert der Kârteschléiesch)*

8.Szén

- Natalie : (kennt erem mat engem Eemer voll Wasser) Lo muss ech mech awer tommelen, dat ech zur Zäit färdeg sin.
- Sidonie : Déi verschwonne Sachen lossen mir keng Rou. Ech froen d'Kârteschléiesch emol wou se hikomm sin.
- Nathalie : Déi frét én nemmen aus, wann é sech gäre bestuede géif.
- Sidonie : Abé, ech probéieren emol *(zur Kârteschléiesch, feierlech)* Wou ass mäi Schirtech hikom?
- Sonja : *(mat heller, verstellter Stemm)* D'Nathalie huet et.
- Nathalie : *(ausser sech)* Sou e frecht, onverschimt Steck, engem virun alle Leit seng E'er ze huelen!
- Sonja : Ierger dech net, Nathalie du bass en Déiw!
- Nathalie : A wouhier wéss déi main Numm?
- Sidonie : Wien huet dem Sonja seng Saucisse geholl?
- Sonja : D'Nathalie wor et.
- Nathalie : Sou eng Gemenghét. Kanns du dât beweisen?
- Sonja : Eraus mat de Sachen oder ech ruffen mei Frend de Polizist zu Hellef
- Nathalie : *(lacht frech)* Dé Kèrel do, dén sou stéif wéi eng Bounestang niewent dir stét. Ruff du roueg, dé réiert kén Arm a ké Bén.
- Sidonie : *(dreckt op e Knäppchen, de Polizist mecht automatesch e puer Schrett no vir, dann rem zreck a widerhelt dat fortwährend. Iwerdém bewege en d'Ärm a reselt mat den Handschellen)*
- Lotti : *(mat déiwer barscher Stemm)* Rrrrrr...raus mat déne gestuelene Sachen, rrrr..raus!
- Nathalie : *(erféiert, ziddereg)* Här Polizist, ech...ech...hu...hu...bestëmmt näischt!
- Lotti : Keng Geschichten, oder ech arratéieren dech!
- Nathalie : Hiewt Erbarmen, Här Polizist op eng onbescholte Fra *(si reisst ennert hirem Schirtech Wurscht an Kicheshirteg eraus a geheit alles op de Buedem)* Do hut der alles. Mä hei an dém Zaubernascht bleiwen ech keng Minutt méi. Soll botzen wé well!

9.Szén

- Lotti : *(kennt lachend aus enger Stop eraus, hiewt seng Wurscht op a lét se*

- Sonja: (weist mat Lachen op den Dösch) Bei dém Gebotz do sin ech och gär derbei. Do mecht én sech net midd.
- Sidonie: Du kanns roueg eng Tass Kaffi matdrenken (schött eng Tass voll eraus. D'Sonja sötzt sech a stellt de Kuerf op de Buedem niewent d'Nathalie. Während et sech eng Botterschmier mecht, höllt d'Nathalie sech eppes Ageweckeltes aus dem Kuerf eraus a léisst et önnert hirem Schirtech verschwannen)
- Sonja: (zum Sidonie) Hei hues du et wirklech gudd.
- Sidonie: Sou kann nemmen en onerfmerent Kand schwätzen. De ganzen Dag sech hallef doud schaffen, a nach bestänneg an der Angscht liewen enges guddes Dâg verzaubert ze sin.
- Sonja: Jé, jé, jé, dât ass jo Mumpitz. Du bass jo keng wuesse Popp. Ech géif awer emol zevill gäre gesin, wann se lieweg gin. Wien zaubert hei, den Här oder d'Madame?
- Sidonie: Den Här, ower si kann et och, well si huet mer nach haut erklärt, dat é nömmen op Knäpp ze drecke bréuch fir se lieweg ze kréien.
- Sonja: (denkt no)..op Knäpp drecken....(sprengt op) Dât géif ech emol gäre probéieren.
- Sidonie: (dreckt et ängschtlech op de Stull nidder) Probéier nemme net. Op émol flitt nach dé ganze Butik an d'Lucht a mir dermat, mat der Eloktruzitéit ass net ze spassen.
- Sonja: (röselt de Kapp) Nén, eng Loftrés wier jo och net grad no mengen Goût
- Nathalie: (stét op) Lo fänken ech un ze botzen. Sidonie, du hëllef's mer jo?
- Sidonie: Gleich, ech schwätze nach e puer Wuert mam Sonja.
- Nathalie: (fänkt un mam Schrubber a mat der Fatz ze operéieren. D'Sonja an d'Sidonie bleiwe beim Dösch stoen)
- Sidonie: Wars de fir d'Mamm akâfen?
- Sonja: Jo, ech wor an d'Epicerie bei Brommesch Petchen an och bei de Metzler eng fatzeg Liewerwurscht kafen. Hei kuck emol (et höllt sei Kiärfchen a sicht) A wat héscht dann dat do? Wou ass dann de Wupp Saucisse? E Joug dach uewen drop. Do héiert ower alles op. En ass einfach fort.
- Sidonie: Wéi mei Kicheschirtech, dât ass och wéi ewechgeblosen.
- Sonja: So? Da wärt déi Schirtech elo menger Saucisse Gesellschaft hâlen.
- Sidonie: D'Madame Nathalie huet gesot, d'Eloktruzitéit hätt se vleicht matfortgeblosen.
- Sonja: (lacht spöttesch) Sou, meggt si dât? Ech wöll dir emol eppes soen. (schwätzt lues mam Sidonie. D'Nathalie schrubbt virun. Virun der Karteschléiesch bleiwt se stoen, steipt sech op hire Schrubber a bekuckt se virwötzege)
- Nathalie: (fir sech) Nu kuck mol do. Dât ass jo eng Karteschléiesch. Soll déi mer net könne soen, op mei Lotterielous gewönnt? So mol, du âl Hex, kanns du de Mond net opdin? - Paah, déi ass jo domm a stomm mat hierem gielen Wuesgesicht. Watfir Karten huet déi do leien? (si betâscht se, während d'Sonja d'Sidonie stéisst an him lues eppes an d'Ouer sét) Op déi sech wuel ewech huele lossen? Kârte gi gudd bezuelt. (si zitt drun) Donnerlieweg, déi si festgenélt, vleicht, wann ech do um Knapp dréinen, léisst se se lass. (si dreckt op de Knapp, dén op de Kâtte befestegt ass. Direkt fänkt d'Karteschléiesch un de Kapp an d'Hänn ze bewegen. Si fiert mam Zeigefänger vun der rechter Hand der Rei no iwer d'Kârtten a bewegt d'Löpsen, wéi wann se eppes soe wöllt. D'Nathalie fiert erschreckt e Schrött zereck)
- Wéi schrecklech, lo gött dat Framönsch och nach lieweg!

(Sonja an d'Sidonie sprangen erbei. D'Sidonie an heller Angscht, d'Sonja lacht amuséiert)

Sidonie: Mä Madame Nathalie, wat hut dir gemacht?

Nathalie: (barsch) Wat soll ech gemacht hun, neischt. Kann ech duerfir, wann déi Hex op émol aus hirem Kramp wakreg get.

Sonja: Dir wollt hir secher d'Karten aus hiren Hän huelen, gestitt et roueg an. Aus Versin sit dir dun op de Knapp geroden.

Nathalie: Du hues deng Oueren nach net gesémt, an du wölls dénen ale Leit schon eppes vormachen. Kömmer dech léiwer öm deng Sachen.

Sidonie: D'Madame geréit ausser sech, wann se könnt an si fönnt d'Karteschléiesch an Aktioun.

Sonja: Dir könnt iech mengen, wann dië d'Rechnung vun den Onkäschten kritt.

Nathalie: (béis) Déi ganz Zauberei gét mech neischt un, an domat basta. Dir könnt iech jo mat der Madame erömbalgen. Ech botzen hei an de Rescht gét mech neischt un! (höllt de Botzémer a gét zur Dir aus)

Sidonie: Hei, a wouhin, Mme Nathalie?

Nathalie: An d'Kichen fröscht Wasser huelen (of)

(D'Karteschléiesch schafft an engem drun marionettenhaft virun)

7. S z é n

Sonja: Dat do ass mir eng, an elo léisst du si och nach eleng an d'Kichen goen, dat se do och nach gripse kann.

Sidonie: Do ass alles önner Schlössel

Sonja: Geschirr ower net.

Sidonie: Dat ass dach alles vill ze grouss an ömständlech fir ewech ze schléfen

Sonja: Meng Saucisse huet se ganz bestömmt an déi Schirtech och.

Sidonie: Mengs de? Ech hun och schon dru geduecht.

Sonja: Mä wart du Déif, du göss déi Sachen schon eraus. Ech hun eng Idi. Ech verstoppe mech hannert der Karteschléiesch an du frés se, wou déi verluere Sachen hikomm sin. Da brengs de d'Police a Bewegung, du wärs schon dé richtige Knapp fannen. Dat get Jux, ech lache mech hallef douf, wann déi onéierlech Persoun mol hiren Här fönnt. Lo awer huer teg éier se nés do ass (verstoppt sech hannert der Karteschléiesch)

8. S z é n

Nathalie: (könnst erem mat engem Emer voll Wasser) Lo muss ech mech awer tommelen, dat ech zur Zeit ferdeg sin.

Sidonie: Déi verschwonne Sâche losse mer guer keng Rou. Ech froen d'Karteschléiesch emol wou se hikomm sin.

Nathalie: Déi frét é nömmen aus, wann én sech gär bestuede géif.

Sidonie: Abé, ech probéieren emol. (zur Karteschléiesch, feierlech) Vou ass mei Schirtech hikom?

Sonja: (mat héiger verstellter Stömm) D'Nathalie huet et.

Nathalie: (ausser sech) Sou e frecht, onverschimt Steck, engem vrun alle Leit seng E'er ze huelen!

Sonja: Ierger dech net, Nathalie, du bass en Déiw!

Nathalie: A wouhier wéss dé Galgestreck mei Numm?

Sidonie: Wién huet dem Sonja seng Liewerwurscht geholl?

an säin Kuerf) Dât wor eng Réussite (zum Polizist) Bravo, du hues deng Sâch gutt gemach, mä lo kanns de dech rem berouegen et sin keng Déiw méi hei.

Sidonie : (hiewt d'Schirtech an d'Messeren op) Sonja, mir ass et esou angscht, well déi zwée do an engem Steck virun schaffen, wéi wann se bezuelt géifen, an den Atelier ass dach zou. D'Madme iergert sech greng a giel, wann se erem kennt.

Sonja : Dat brauch se guer net, mir sichen einfach de Knapp fir se rem roueg ze kréien, an dann mierkt d'Madame net am gerengsten, wat fir en Dengscht hir Poppen ons haut schon geléscht hun.

10.Szén

Lotti : Mäi gudde Polizist, a wou hues du dann dän Knapp fir dech roueg ze kréien? D'Knäpp un denger Uniform sin et net, mais Halt, do un dengem lenksen Arm licht én, dât ass en bestemt. (~~Dreect drop. Gleich fänkt d'Botzfra un ze schrubben, léft vigenzeg an zereck ouni opzehalen.~~) ~~Wäselfa fänkt an~~ *Malerin*

Sidonie : (greift sech verzweifelt un de Kapp) Nach e liewegt Framensch! Ech stierwen vun Angscht.

Lotti : (~~dreect op e Knapp un der Mauer.~~ *vun de Kächin* D'Kächen fänkt un de Kaffi ze muelen) Lo kréien mer wéinegstens eng gutt Tass Kaffi fir déi ziddereg Nerven ze berouegen. *Kächin an Zolafia*

Sidonie : (hiewt d'Hänn an d'Lucht) Du hues gutt spaassen an ech stierwen bal vun Angscht. Wann d'Madame kennt.

Sonja : Nemme keng Opréngung. Kuck, do ass nach e Knapp, dat muss de richtege sin! (~~et dreect op de Knapp, gleich fänkt d'Zigeinerin un ze danzen, a schwengt en Tambourin.~~ D'Sonja klappt an d'Hänn) Ei, Zigeinermeedchen, du gefälls mer, beim Danzen do sin ech derbäi. (~~Et fänkt un ze danzen~~) *Zigeinerin an Musikera*

Sidonie : D'Sonja ass verhext.

11.Szén

Hokuspokus : (bleiwt entgeeschtert an der Diir stoen) Hei gét et jo leschteg hir! Sou eng Impertinez, déi élektresch Poppen a Bewegung ze setzen!

Sidonie : Pardon, Madame, déi Leit si vun eleng erwecht, mir kenne net dofir.

Hokuspokus : (~~dreect op e Knapp hannert der Kaarteschléiesch.~~ Op e Coup sin d'Poppen roueg) Natirlech bas du onschelleg! Dir hut nemmen e bessen op d'Knäp gedreect.

Nathalie : (~~kennt erem ran, barsch~~) Gidd mir meng Suen a net ze kuerz bemiéss, well dat, wat ech hei ausgestan hun ass net mat Geld ze bezuelen.

Lotti : An dobäi ass si ganz eleng Schold un dem Kaméidi.

Nathalie : (~~béis~~) Wells du de Mond halen (~~zur Madame~~) Ennerstit iech net mech ze verzaubern, ech losse mer vu Kengem eppes gefalen.

Hokuspokus : Nemmen keng Angscht, fir iech hun ech keng Platz méi an menger Collektioun. ~~Eng 2. Botzfra géif wirklech net gutt dran maachen!~~ (~~si hellt Geld aus hirem Porte-Monnaie a gett et hir~~) Hei sin är Suen!

Nathalie : *(zielt no an wenkt gnägeg mam Kapp)* Äddi, Madame Hokuspokus!

12.Szén

Sidonie : Ech bleiwen net méi an desém Zaubernascht. Et huet mir nach ni hei gefall, mais elo hun ech es genuch. Ech well net méi lang an dénen Geforen hei stoen.

Hokuspokus : Ech wosst nach emmer , dass de d'Polver net erfonnt has, mais fir esou domm hat ech dech awer net gehal. Wanns de wells goen, ech halen dech net zereck. *Sidonie → Hies*

Sonja : Wann d'Sidonie seng Platz hei opgett, dann huet mech an senger Platz.

Hokuspokus : Hues de da keng Angscht, wéinst der Hexerei?

Sonja : Bestemmt net. Ech hun mech schon emmer fir Elektrizitéit interesséiert.

RIDEAU

- Sonja: D'Nathalie wor et.
- Nathalie: Sou eng Gemenghét. Kanns du dat beweisen?
- Sonja: Eraus mat de Sâchen, oder ech ruffe mei Frönd de Polizist zu Höllef
- Nathalie: (lacht frech) Dé Kèrel do, dén sou steif wéi eng Bounestang niewent dir stét. Ruff du roueg, dé réiert kén Arm a ké Bén.
- Sidonie (dreckt ömsoss op verschidde Knäpp vun der Uniform
- Nathalie: (spöttesch) Hahaha, dé Kèrel flét iech voll, dé göt net lieweg!
- Sonja: (mat heller Stömm) Dreck op de Knapp vun der KËp!
- Sidonie: (dreckt drop, de Polizist mecht automatesch e puer Schrött nû vir, dam röm zreck a widerhuelst dat fortwährend. Iwerdém bewégt en d'Ärm a röselt mat den Handschellen)
- Sonja: (mat déiwer, barscher Stömm) Rrrrrr..... raus mat déne gestuelene Sachen, rrrrrrrrr.....raus!
- Nathalie: (erféiert, zidderg) Här Polizist, ech....ech...hu...hu...bestömmt neischt!
- Sonja: Keng Geschichten, oder ech arratéieren dech!
- Nathalie: (skandaliséiert) Lo duzt dé Kèrel mech och nach.
- Sonja: Wât? Kèrel? Amtsbeleidigung, 100 Frang Strof! An den Dukes mat dir. Geseis de hei d'Handschellen!
- Nathalie: Hiewê Erbarmen, Här Polizist op eng onbescholt Fra (si reisst aus hirer Déiwstesch önnerm Schirtech Wurscht a Kicheschirtech eraus a geheit alles op de Buedem) Dat ass alles, soss hun ech neischt!
- Sonja: R....rrrr....aus mat dém, wats de an der Kichen gemopst hues!
- Nathalie: (göt ömmer méi opgereggt) Nén, sou eppes (geheit e puer Messeren op de Buedem) Do huet der alles, dir Schönnner. Mais hei an dém Zaubernascht bleiwen ech keng Minut méi. Soll botze wé wöllt!
(léft fort)

9. S z é n

- Sonja: (Könnst lachend aus senger Stopp eraus, hiewt seng Wurscht op a lét se an sei Kuerf) Dât wor eng Réussite (zum Polizist) Bravo, mei Peter, du hues deng Sâch gudd hemach, mais lo kanns de dech eröm berouegen, lo si keng Déiw méi hei.
- Sidonie: (hiewt d'Schirté an d'Messeren op) Sonja, mir ass et sou angscht, well déi zwéin do an engem Steck viru schaffén, wéi wann se bezuelt géifen, an den Atelier ass dach zou. D'Madame iergert sech greng a giel, wann se eröm könnst.
- Sonja: Dat brauch se guer net, mir sichen einfach de Knapp fir se röm roueg ze kréien, an da mierkt d'Madame net am geringsten, wat fir en Dengscht hir Poppen ons haut scho geléscht hun.

10. S z é n

- Nathalie: (streckt virsichtig de Kapp zur Dir eran) O du léiwer Hierscht! Lo rost dé Kèrel vu Polizist nach ömmer dohier wéi e wöllen Hierek. Lo huet en d'Sonja am Geschirr. Soll dât och eppes agestach hun? Geschidd öm ganz recht! (könnst eran, steipt d'Ärem an d'Seit a lacht boshaft) Sou hei sin ech eröm!
- Sidonie: Dat gesi mer
- Nathalie: Ech hu mer d'Sach iwerluegt. Wuerfir soll ech op mei Loun verzichten. Ech mache meng Arbecht hei ferdeg.

- Sonja: Schumt dir iech net, önnner éierlech Leit ze goen, hodém dir als Déiw dénoncéiert sid?
- Nathalie: Hâl du nömme roueg stöll, du Schnäbbel. Du bass jo selwer en Déiw. Ömsoss léft de Polizist net wêi klorrosen hei op an of.
- Sonja: Dén ass nömmen nach an Oprégung duerch Iech. Zu mit huet hie nach ké Wuert gesot.
- Nathalie: Wou wors du iwerhapt lo éinescht, wann ech froen därf?
- Sonja: Dir musst âl am Donsé gewiescht sin, dat der mech net gesin hât. Huet dir mech wirklech net gesin?
- Nathalie: Ké Schwanz vun dir.
- Sonja: Dann hat dir ower schlecht gekuckt.
- Nathalie: An sou engem verfluchten Zaubernascht verschwanne Leit a Sachen. Mir Kann et egal sin, ech mache nömmen hei meng Arbecht (hölt Duch a Schrubber a göt sech drun)
- Sonja: Mei guddé Polizist, a wou hues du dan dei Knapp fir dech roueg ze kréien? D'Knäpp vun der Uniform sin et net, mais halt, do um lenken Arm licht én, dât ass e bestömmt (dreckt drop. Gleich fänkt d'Wäschfrâ niewendrun a voller vitesse un ze wäschen)
- Sidonie: Dir gudd Géschter! Wât mechs de do? Lo ass en 2. Frâmönsch lieweg gin aplatz déi zwéin aner ze berouegen.
- Nathalie: (op de Schrubber gesteipt) Hahaha, wat déi schaffé kann!
- Sidonie: Dât ka net esou viru goen. De Knapp, de richtege Knapp musse mer fannen.
- Sonja: Do un der Mauer sin nach e puer Knäpp. Dé richtege wärt schon debbei sin. (Et dreckt op é Knapp un der Mauer. Gleich fänkt d'Botzfra un ze schrubben, léft vigenzeg an zereck oui opzehâlen. D'Sonja krômmt sech vu Lachen)
- Sidonie: (greift sech verzweifelt un de Knapp) Nach e liewegt Framönsch! Ech stierwen vun Angscht.
- Nathalie: (drét der Botzfrâ mam Schrubber) Wart du Canaille, wölls du mech ausgreinen. Ech wärt dir höllefen mir nozeman! (gét mam Schrubber op de duer)
- Sidonie: (hält se voller Angscht zreck) Sid dir verreckt, Nathalie. Mat Géschter kämpft é net. O, o ech onglecklecht Mönch, wat soll ech machen, wann ech de Knapp net fannen.
- Sonja: (dreckt op en 2. Knapp un der Mauer. D'Kächen fänkt un de Kaffi ze muelen) A la bonheur. Lo kréie mer wéinegstens eng gudd Tass Kaffi fir déi ziddreg Nerven ze berouegen.
- Sidonie: (hiewt d'Hänn an d'Lucht) Du hues gudd spassen an ech stierwe bal vun Angscht. Wann d'Madame könt.
- Sonja: Nömme keng Oprégung. Kuck, do ass nach e Knapp, dat muss dé richtege sin! (et dreckt op de Knapp, gleich fänkt d'Zigeinerin un ze danzen, a schwengt den Tambourin)
- Sonja: (kloppt an d'Hänn) Ei, Zigeinermédchen, du gefälls mer, beim Danzen di son ech derbei. (et fänkt un ze danzen op d'Melodie: Lustig ist das Zigeunerleben)
- Sidonie: (kuckt mat entgeisterten Aen op d'Sonja, nét op et duer a stéisst d'Imme Nathalie un) Mme Nathalie, huet dir neischt anuecht?
- Nathalie: (granzeg) Wât soll ech dann anuechthuelen?
- Sidonie: D'Sonja ass verhext.
- Nathalie: Wuerfir och net.

Sidonie: (léift op d'Sonja duer an zitt et mam Arm) Sonja, Sonja, òm Gotteswöl-
len, dann hâl dach op mat Danzen!

Sonja (wiert sech, röselt et of a sengt virun)

Sidonie: (léift bei d'Nathalie) Ech sot et jo, t'ass verhext! HUUUUUUUUUUUU!

Nathalie: Mach der dach keng Suergen fir dat verhext Framönsch

Sidonie: (kreescht) Lo muss d'Sonja ömmer danzen, sei ganz Liewen lang bis
én op de richtege Knapp dreckt, da gött et stëif a kâl wéi déi aner
wuesse Poppen.

Nathalie: Ma dat schued dém freche Miwel och neischt!

Sidonie: (wescht sech mam Schirtech iwer d'Aen) Sid dach net es u garsbhteg. Vun
enger Minut zur anerer kann et onsen Tour sin.

Nathalie: Onsen Tour?

Sidonie: Jo, d'Mme Hokuspokus hat mer vira s gesot si géif iech verzaubern,
wann der hei eppes ze Monwé mache géift.

Nathalie: Sou eng Frechhét! An du lackels én an esou en Zaubernascht eran! (
(schléit mam Schrubber op de Buedem)

Sidonie: Wien huet dann d'Wuessepoppen fir d'escht ugepackt? Dir eleng huet den
Ufank mat der Karteschléiesch gemacht, lo fönnt se keng Rou méi.

Nathalie: Rou hin oder hier, ech losse mer ké Virwurf machen, sou eng éierlech
Frâ wéi mech sou wöllen nonén ze man.

11. S z é n

Hokuspokus: (bleiwt enteistert an der Dir stoen) Hei gét et jo löschtég hir!
Sou eng Impertinenz, déi elektresch Poppen an Aktioun ze setzen.

Sidonie: Pardon, Madame, déi Leit si vun eleng erwecht, mir könne net duervir.

Hokuspokus: (dreckt op e Knapp hannert der Karteschléiesch. Op é Coup sin all
Figuren roueg) Natirlech bass du onschölleg! Dir huet all nömmen e
bösselchen op d'Knapp gedreckt.

Nathalie: (mecht e puer Schrött no vir a sét barsch) Gidd mer meng Suen a net
ze kurz bemiéss, well dat, wat ech hei ausgestan hun, ass net mat
Geld ze bezuelen.

Sonja: An dobei ass si ganz eleng Schold un dem Kaméidi.

Nathalie: (béis) Wölls du de Mond halen (zur Madame) Önnerstot iech net, mech
ze verzaubern, ech losse mer vu kengen eppes gefalen.

Madame: Nömmen keng Angscht, fir iech hun ech keng Platz méi a menger Collec-
tioun. Eng 2. Botzfr. géif wirklech net gudd dra machen! (si höllt
Geld aus dem Porte-monnaie a göt hir et) Hei ass ert Geld!

Nathalie: (zielt no a wenkt gnädeg mam Kapp) Äddi Madame Hokuspokus!

12. S z é n

Sidonie: Ech bleiwen net méi an desem Zaubernascht. D'huet mer nach ni hei
gefall, mais elo hun ech es grad genug. Ech wöll net méi lang an
dén Geforen hei stoen.

Hokuspokus: Ech wosst nach ömmer, dass de d'Polver net erfond has, mais fir sou
bornéiert hat ech dech ower net gehal. Wanns de wölls gon, ech ha-
len dech net zereck.

Sonja: Wann d'Sidonie seng Platz hei opgött, dann huet mech an seng Platz

Hokuspokus: Hues du da keng Angscht, wéint der Hexerei.

Sonja: D'kann é wuel denken. Ech hu mech schon ömmer fir d'Elektrizitéit interesséiert.

Madame: Du schengs mer ower nach e bösselche jonk fir a mei Stôt

Sonja: Ech kann ower dichtetg schaffen, an eng Botzfra brauch der och keng méi. Dât bösselche Gebetz machen ech scho selwer.

Sidonie: Nu lauschter mol, wéi dat sech hei wichteg mecht!

Madame: Du verschrechs alt vill, Klengt. Et kann é jo mol probéieren. Ma ént son ech der gleich, et gi keng elektresch Knäpp méi ugepackt.

Sonja: Nömme nén - d.h. wann den Här emol eng Kéier net do ass, da könnt ech vleicht d'Virstellung gin, wann der mer nömme weist, you déi richteg Knäpp sin fir déi Männercher eröm zur Rou ze brengen.

Hokuspokus: Du gefälls mer Médzhen! Mir probéieren et matenén!

Sidonie: (résignéiert) Sonja, Sonja, ech gesin dechmaat liesernen Aen, steif a kâl dohanne widder der Mauer stoen.

R I D E A U